

DEMOKRATESCH PARTEI

Mäertert Waasserbëlleg

# Fir e bessert Wuelbefannen

## Réckbléck a Visiounen



# Transparenz!

Transparenz an enger Gemengepolitik bedeit, dat de Bierger aus eiser Gemeng vum LSAP-Schäfferot e Maximum un zougänglechen Informatioune kritt. D'Gemeeneblat kascht bal 100.000€ am Joër a gëtt haaptsächlech genotzt fir d'Interête vun der Majoritéitspartei an de Mëttelpunkt ze stellen.

Hei gëtt ee grousse finanziellen Opwand gedriwwe fir d'Froen a Virschléi vun den Oppositiounsparteien aktiv ze manipuléieren an domat ze ënnerdrécken.

# Eng Foussgänger- a Velosbréck iwwert Musel

SCANNEN A DÉI GANZ FRO LIESEN



bedéit eng laangfristeg Ergänzung zur Fair:

- 24h/24h an och bei Héichwaasser disponibel
- gratis fir Benotzer
- ëmweltfrëndlech
- kee Personalmanagment néideg

# Parkhaus fir eng Stonn Gratis!



D'Parkhaus „Nei Mëtt" léit matten am Zentrum vu Waasserbëlleg a war een enormen Invest deen haut esou gutt wéi net genotzt gëtt.

1 Stonn Gratis parken an eng Ubannung un d'Smartphone-App ass eng kloer Fuerderung vun der DP fir eng einfach an attraktiv Notzung.

SCANNEN A DÉI GANZ FRO LIESEN

# Infrastrukture mat Visiounen




Dat d'Strategie vu Gemengewuesstem just op der Vitesse an net op der Qualitéit baséiert stelle mir och bei eise jéngste Matbierger fest.

D'DP fuerdert dat eis Schoule begréngt gin, fir d'Wuelbefannen, d'Temperatur op de Biedem an den natierleche Sonneschutz ze verbesseren.

Momentan steet praktesch keen Bam an engem Schoulhaff!




# D'Pfleegepersonal ass systemrelevant!

An deem Kontext hu mir dem Schäfferot erklärt dat eis Pfleegepersonal déi Beruffsspart ass, déi maximal ënnerstëtzt muss ginn.

Mir sinn der Meenung dat Sie zu all Moment am Kader vun hirer Missioun kënne parken ouni nach mussen ee Parkticket ze kafen.

# Sécherheet op de Stroossen




D'Sécherheet op eise Stroossen ass eng Thematik déi d'demokratesch Partei bis elo net aus den Aen gelooss huet.

DP fuerdert an deem Kader "radars pédagogiques" an den Agäng vun eisen Uertschaften déi op eng iwwerhéichten Vitesse opmierksam maachen.

Och d'Sécherheet bei de Schoulen muss ugepak ginn.

Eis Gemeng huet ausserdeem e Nohuelbedarf bei der Ëmsetzung vun der "mobilité réduite".

# Eis Jugend a Beweegung

Dat mir eis haut als Eltere méi mat der Thematik ausernee sëtze musse wëll eis Kanner ze vill vun hirer Zäit virun de Bildschiermer verbréngen, hätt een nach virun 20 Joer net geduergt.

Déi Zäit virum Bildschierm beweegen sech déi Jonk net, an huele vill onnëtz Informatiounen op, déi se triggeren an domader och Angscht ausléisen.

Haut siche mir verzweifelt no Alternativen.

D'Gemeng kann do eng wichteg Roll spillen andeem deem se am Sport eng méi diversitéiert Offer ubitt.

Et geet net duer hei finanziell Hëllef ze leeschten, mee et muss een et och um Terrain ëmsëtzen.




**Dofir hu mir ganz kloer d'Aféierung vun der LASEP *(Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Fondamental)* gefuerdert wéi dat an iwwer 80 Gemengen de Fall ass.**

## D'Redaktioun




## Demokratesch Partei Mäertert-Waaserbëlleg

dp.lu/maertert-waasserbelleg
mertert@dp.lu

Wann dir eis ënnertsëtzen wëllt dann sinn mir frou iwwert all Don:

IBAN: LU65 0021 1290 2590 0000
BIC: BILLLULL

Nach eng Fro?